adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vum Ëffentlechen Déngscht an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Viru kuerzem hat den Educatiounsminister Claude Meisch e Projet eraginn, fir datt Leit aus dem Privatsecteur kéinten Direkter ginn a verschiddene Lycéeën. Ënner anerem ass gefaart ginn, datt déi Persoun net méi all 3 administrativ Sprooche gutt beherrsche géif par rapport zu Personal an de Schüler. Bei den ëffentlechen Ariichtungen ass d'Rekrutéieren am Privatsecteur scho méiglech a gëtt och do gemaach, wéi elo an dësem Fall:

De Regierungsrot huet decidéiert fir en neien Direkter vun der Versécherungs-opsiicht (Commissariat aux assurances) ze nominéieren. De Kandidat, deen aus dem Privatsecteur kënnt, gëtt a senger Biographie op Paperjam selwer un, dass hien just Franséisch an Englesch als Sprooche kann. De Kandidat beherrscht also weder eis Nationalsprooch nach Däitsch. An deem Zesummenhang hätt ech folgend Froen un d'Häre Ministeren:

1. Wat fir eng sproochlech Kompetenzen si gefrot vun engem Direktiounsmember an enger ëffentlecher Ariichtung? Ginn eventuell Kandidaten op déi Sproochkompetenze getest?
2. Steet am Aarbechtsvertrag dran, datt ee muss déi aner 2 administrativ Sproochen nohuelen a Couren an dono en Test ofleeën?
3. Wéi wichteg ass d'Beherrsche vun deenen dräi Verwaltungssprooche fir en Direkter, mee och all aner Direktiounsmemberen, vun enger ëffentlecher Ariichtung, an den Aen vun den Häre Ministeren?
4. Wéi kann en Direkter, deen eng Sprooch net versteet, seng Aarbecht maachen, wann déi intern Kommunikatioun a senger ëffentlecher Ariichtung zënter Jore grad an där Sprooch gemaach gëtt?
5. Ass de Minister net besuergt iwwer eis enk Bezéiungen an d'Vertrauensbasis mat Däitschland, wann en Direkter vun enger Lëtzebuergescher ëffentlecher Ariichtung net méi op däitsch mat sengem däitschen Homolog schwätze kann?
6. Huet e Staatsbeamten d'Recht, an interne Reuniounen, d'Nationalsprooch ze gebrauchen? Respektiv, ass de Staatsbeamte fräi, d'Sprooch, déi hien an enger Reunioun benotzt, fräi ze wielen, an dat ënnert den 3 administrative Sproochen vum Staat?

7. Kann e Staatsbeamte vun engem Direktiounsmember (aus enger ëffentlecher Ariichtung) gezwonge ginn, fir an interne Reuniounen eng gewësse Sprooch ze gebrauchen?
8. Kann e Staatsbeamten vun engem Direktiounsmember (aus enger ëffentlecher Ariichtung) an interne Reuniounen eng gewësse Sprooch verbuede kréien?
9. Kann de Staatsbeamten och eng Sprooch opgezwongen oder verbuede kréien am interne Mailverkéier?
10. Kann e Staatsbeamten eng Rüg kréien oder bestrooft ginn, well hie Lëtzebuergesch intern an enger ëffentlecher Ariichtung benotzt?
11. Wéi vill Direkteren an Direktiounsmembere vun ëffentlechen Ariichtunge ginn et? Wéi vill vun hinne beherrsche respektiv Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch, also eis Nationalsprooch an déi zwou aner Verwaltungssproochen, op engem Niveau, datt se Reuniounen op lëtzebuergesch oder Däitsch hale kënnen (also op mannst den Niveau B2 vun der gemeinsamer europäescher Referenz fir Sproochen)?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742